Equitation Franziskus Sarl
Haaptstrooss 5 L-9186 Stegen guy.franziskus@pt.lu +352691410004

Reitofzeechenprüfung

den 10 März 2012 zu Stëeen

Ugebueden gin de Basispass, d'Ofzeechen vun der Klass IV an der Klass III

Eng Lizens vun der Leeschtungsklass 0, kurz LK 0 genannt, as just geduecht fir de Loisir a fir bestemmten WBO Turneier. Dei eigentlech Lizens fir am Sport unzefänken ass eng Lizens vun der LK 6. Domat kann en e puer Turneier matmachen. Weider geet et dann mat enger Lizens vun der LK 5. Dann kann een richteg ufänken mat dem Turneierreiden, op Dressur oder Sprangen.

Wei dir all wësst, kennt dir mat den Ofzeechen Aer Leeschtungsklass verbesseren. Wann Dir an der LK 6 sidd, könnt Dir mat der Klass IV vun der LK 0 an d'LK 6 agestuft gin. Genausou kennt Dir mat der Klass III vun der LK 6 an d'LK 5 gestuft gin.

Fir de Basispass, en Muss fir dei weider Oofzechen, get an der Prüfung en Deel vum theoreteschen Wëssen gepreift, sou wei an der Praxis d'Botzen vum Pärd, d'Suedelen an bëssen vum Exterieur vun engem Pärd. Bei dem Oofzeechen vun der Klass IV get an der Dressur d'Dressurreiterprüfung E2 (Ausbinder oder Dreieckszigelen erlabt) gepreift, en E-Sprangen (max 75 cm) an an der Theorie d'Reitlehre, Ausbildungskala am Groben, an e bessen wei e Pärd soll gehaalen gin. De Basispass an d'Ofzeechen Klass IV können mateneen gemaach gin. Bei der Klass III get d'Dressurreiter A2 gepreift an en A Sprangen (max 100 cm) an an der Theorie d'Reitlehre, souwei d'Ausbildungsskala mat hiren Zesummenhäng. D'Organisatioun vun eisem Reitsport souwei d'Tierschutzgesetz, Exterieurlehre an Fidderung.

Kuren fir d'Theorie gin et:

- Mëttwochs den 29 Februar um 18.00 Auer (Sëtz, Houfschlagfiguren, Suedel an Trens)
- Samsdes, den 03 März um 14.00 Auer (Basispass)
- Samsdes, den 03 März um 15.00 Auer (Reitlehre)
- Mëttwochs den 07 März um 18.00 Auer (Exterieur, Fidderung, d'Haalen vum Pärd)

Kuren an der Praxis gin et:

- Sonndes, den 04 März um 10.00 Auer Dressur
- Sonndes, den 04 März um 14.00 Auer Sprangen

Tarifs:

• Theoriekurs Basispass	5 €
• Theoriekuren (all)	30 €
• Prüfungsgeld	40 €
• Ofzeechen (Basispass, Klass IV, Klass III)	15 €

Meld iech bis speitestens den 27. Februar 2012 per email guy.franziskus@pt.lu un. Mir soen Iech merci. Wann dir nach weider Froen hut, zeckt net Iech ze melden.

Empfuehlen Bicher:	Basis-Pass Pferdekunde	Kosmos Verlag
	Das Deutsche Reitabzeichen	Cadmos Pferdebücher
	Die Reitabzeichen	FN Verlag